LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Premierminister a vun der Ministesch **fir** Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4423 vum 10. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Mars DI BARTOLOMEO.

1. **Wéi steet de Premier zu der Kënnegung vun der Konventioun mat der CNS duerch d'AMMD, respektiv zum Refus vun der AMMD, déi nei ausgehandelt Konventioun ze ënnerschreiwen,** trotz Accord?

De Premier bedauert, dass keng nei Konventioune konnten ënnerschriwwe ginn. Et gëtt weiderhin e reelle Besoin, iwwer d'Organisatioun, d'Finanzéierung an d'Zukunft vun eisem Gesondheetssystem ze schwätzen, wou de Patient am Mëttelpunkt steet.

Mir brauchen dofir Dialog an eng konstruktiv Zesummenaarbecht tëscht der AMMD, der CNS an der Regierung.

2. Wat sinn d'Resultater vun deem Treffen tëscht der AMMD an dem Premier?

D'Gespréicher ware wichteg a konstruktiv, mee konnte leider bis ewell net zu enger gemeinsamer Léisung féieren. D'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet eng 'feuille de route' proposéiert fir eng Rei vun de Fuerderungen am Dialog mat der AMMD an nächster Zukunft ze diskutéieren. Déi meescht vun de Sujete kënnen net direkt iwwert d'Konventioun mat der CNS geléist ginn. D'Regierung ass weiderhi gespréichsbereet fir mat allen Acteuren aus dem Gesondheetswiesen no Léisungen ze sichen.

3. Ass **fir** de Premierminister, anescht wéi vun der AMMD verlaangt, den obligatoresche **Konventionement "a Stee gemeesselt"?**
4. Ass d'Regierung bereet, op d'Fuerderung vun der AMMD anzegoen, **fir** den Dokteren e **selektiven Konventionement an eng wäitgoend Tarifautonomie zouzegestoen, wat poulriicht** an eng 2-Klassemedezin géif féieren?

De Konventionement ass am Accord de coalition festgehal, an ass net a Fro gestallt. Fir d'Regierung gëllt e fundamentale Prinzip, datt all Patient beim Dokter ënnert de selwechte Konditiounen an Tariffer behandelt gëtt.

5. Wéi steet de Premier zu de gefuerderten Tariferhéijungen?

D'Dispositiounen iwwert d'Revalorisatioun vun der Lettre-clé sinn am Artikel 67 vum Code vun der sozialer Sécherheet festgehal. Eng eventuell Revue vun dëse Bestëmmunge gëtt a Concertatioun mat de concernéierten Acteuren duerchgefouert.

6. Wat fir Engagementer huet d'Regierung bei dëser Reunioun a Saachen “Virage ambulatoire” geholl?

De Gesetzesprojet n° 8760 huet als Objektiv d'ambulant Betreiung an engem gereegelte Kader ze verstäerken. Dëse Projet baséiert sech op den Accord de coalition a gouf am Juni 2026 deposéiert.

7. **Ass d'AMMD elo bereet, eng nei Konventioun mat der CNS ze ënnerschreiwen?**

D'AMMD ass net bereet eng nei Konventioun ze ënnerschreiwen.

8. **Ass d'Regierung bereet, gegeebenenfalls iwwer Reglement eng nei Konventioun a Kraaft ze** setzen?

Den Artikel 70, Paragraph 2 vum Code vun der sozialer Sécherheet reegelt d'Modalitéite vun enger Kënnegung vun enger Konventioun.

Sollt eng nei Konventioun net am legalen Delai ofgeschloss sinn, trëtt e groussherzoglecht Reglement a Kraaft wéi et de legal Kader virgesäit.

Nom Echec vun der Conciliatiounsprozedur huet de Regierungsrot de 17. August 2026 déi entspriechend groussherzoglech Reglementer ugeholl déi d'Relatioune mat der CNS solle reegelen, eent fir d'Relatioune mat den Dokteren an eent fir d'Relatioune mat den Zänndokteren.

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN